Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 28. November 2019

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden.

Op der Basis vum Gesetz vum 19. Juni 2015 ginn hei am Land all Stroumzieler ersat duerch een (intelligenten) digitale Compteur. Dat huet de Virdeel, dat dës Zieler vu bausse kënnen ofgelies ginn an et brauch ee keen Accès méi an d'Haus. Elo sinn awer well vill där neier digitaler Stroumzieler agebaut gi mam Resultat - wat mir vu ville Säite matgedeelt gouf -, datt hire Stroumverbrauch ëm bis zu 15 Prozent an d'Luucht gaangen ass.

An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Energieminister:

1. Ginn déi nei Stroumzieler no beschtem Wësse gepréift?
2. Wa jo, no wéi enge Krittären?
3. Wéi ass et ze erklären, datt déi nei digital Stroumzieler méi en héije Verbrauch uweisen, ewéi déi al?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten